## 29.03.1987 : 2. gemittlechen Nomëtteg

Fir eisen 2. gemittlechen Nomëtteg war et eis gelongen, den Här Georges Calteux vum Service des Sites et Monuments ze engagéiren.

Em 14 h sollt et lass goen, d'Leit sinn allerdéngs nëmme ganz gemittlech ugedrëpst komm. Et sollt daueren bis 16 h, bis de Sall sech esou lues gefëllt huet. Vermësst hu mer haaptsächlech Leit vu Wis (Cavalcade zu Réimech ?).

Mir hunn de Leit Geéiss a Gedrénks servéiert, eng Tombola mat ville schéine Gewënner gouf verloust. Haaptgewënn war eng Rees fir 2 Persounen op Paräis.

Angenehm iwwerrascht ware mer, dass esou vill « politesch » Perséinlechkeeten den Wee fir op Wis fond haten (sollt das d' »Schold » vum Här Calteux oder vun de Gemengewahlen am Oktober gewiescht sinn ?).

Den Här Calteux koum mat enger halwer Stonn Verspéidung (e war zu Stadbriedemes an enger rouder Luucht hänke bliwwen). Säi Virdrag iwwert Retauratiounen (Thema : Eist Duerf soll liewen) illustréiert mat enger Serie Diaën war ganz interessant.

Haaptgewënnerin bei eiser Tombola war d'Mme Simon-Erpelding vun Altvisse (F).